

Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador
Décembre 2009 • XLI /4

# El Salvador - Luxembourg

## De Projet “El Jobal” kënnt un d’Rullen

### 150 extrem arem Familje kréien eng passabel Wunneng

Léif Leit,

Op der klenger Insel « El Espíritu Santo » am Oste vun El Salvador läit dat Duerf « El Jobal » (oder och « El Joval »). Hei liewen d’Leit an extremer Aarmutt. En Deel vun de Männer a Frae sinn an de Kokosplantagen an an deem klenge Betrieb, deen d’Kokosnëss industriell verschafft, beschäftegt a kënnen do bis zu 2,50 Dollar (1,80 Euro) pro Dag verdéngen ; anerer gi fëschen oder sammele Muschelen, déi se fir en Apel an e Stéck Brout verkafen.

D’Wunnverhältnësser zu El Jobal si katastrophal, wéi an anere Géigende vun El Salvador och.. Vill Familje wunnen a Ruine vu verloossene Schäpp oder an aarmséilege Behausungen aus geflechten Äscht vu Kokospalmen an aus Reschter vu Blech, Plastik, Holz a Kartong. Dës Brake bidde kaum Schutz géint Reen a Wand, Äerdbiewen a Kriminalitéit. An der Reenperiod kënnt et dacks zu Iwwerschwemmungen, wat déi quokeleg sanitär Situatioun nach méi schlëmm mécht. Et gëtt keng Dokteschpraxis op der Insel ; mat engem Boot brauch een ongeféier 45 Minutte fir zu Puerto El Triunfo op d’Festland ze kommen.



Op Ufro vum Paschtouer Neftalí Orellana, engem gudde Bekannte vum Abbé Henri Gloden, huet d’Fondatioun Lëtzebuerg – El Salvador decidéiert, e Projet fir de Bau vun 150 Wunnéngen an El Salvador ze lancéieren : 130 zu El Jobal an 20 zu La Bendición. Dëst Duerf läit um Festland net wäit vun der Insel El Espíritu Santo ewech a gehéiert zu der Gemeng San Agustín. D’Wunnverhältnësser si grad esou schlecht ewéi zu El Jobal. Am ganze kréie mat dësem Projet 650 Persounen e festen Daach iwwer de Kapp.

Op dëse Säiten hate mer de Projet El Jobal schonn 2006 ugekënnegt. Du wosste mer nach net, wéi vill technesch an administrativ Problemer géifen optauchen. De Projet gouf e puer Mol iwwerschafft a verbessert. All Dokumenter vun doiwwer hu missen

aus dem Spueneschen op franséisch iwwersat ginn. An El Salvador gouf e Comité gegrënnt, dee fir de Projet verantwortlech ass, a wou de Paschtouer an d'Buergermeeschteren sech dran engagéieren. Fundamuni, eng Gesellschaft, déi op Entwécklungsprojeten a salvadorianesche Gemenge spezialiséiert ass an och scho fir aner lëtzebuergesch ONGe geschafft huet, gouf mat der technescher Ausféierung vun de Chantiere chargéiert.

Den 9. September 2009 krute mer vun der neier Cooperatiounsministesch den Accord, datt de Lëtzebuerger Staat de Projet hëlleft finanzéieren. Ouni dëse Cofinanzement kéint eis Fondatioun dës Entreprise net realiséieren. Trotzdeem bleift eng schwéier finanziell Laascht op hire Schëlleren, well « El Jobal » jo net dat eenzegt Wierk ass, fir dat mer äis engagéiert hunn.
Mir komme weiderhin wéi bis elo fir d'Kannerheem an d' Atelieren zu Santa Ana, fir d'Fraenhaus zu San Salvador, fir Studieboursën u jonk Leit a fir Hëllef an Noutsituatiounen op.

Duerfir woen ech, léif Leit, en aussergewéinlechen Appell un är Generositéit an invitéieren iech, iech mat engem Don un deem neie Wunnéngsbauprojet ze bedeelegen. Wa mer elo an der Advents- a Chrëschtzäit an enger gemittlecher Stuff sëtzen, denke mer vläicht eng Kéier un d'Leit vun El Jobal a wënschen hinnen och e passabelen Ënnerdaach. Wënschen ass gutt, mee hëllefen ass besser !

An deem Sënn e froue Chrëschtdag an all Gutts am neie Joer !



**Guy Scholer,**
**President vun der Fondatioun**



## Elo gëtt et « concreto »* mam Projet El Jobal

### Wéi gëtt gebaut ?

Déi 150 Haiser ginn all no engem eenzege Plang gebaut. Si si 6 op 6 Meter grouss a gi bannen an dräi kleng Raim agedeelt.
D'Baumaterial muss mat engem Boot vum Festland op d'Insel transportéiert ginn, wat awer bei niddregem Waasserstand net méiglech ass. Do wou Iwwerschwemmungsgefor besteet, kritt d'Haus méi en héije Bëtongssockel. D'Mauere bestinn aus



bëtongs Huelbléck, d'Diren a Fënsterrummen aus Eisen, den Daach aus engem spezielle Blech aus Aluminium an Zénk. All Wunnéng kritt eng einfach elektresch Installatioun. D'Awunner hëllefe selwer mat, hir Haiser ze bauen, ënnert der Leedung vun engem Ingénieur a vu qualifizéierten Aarbechter. Wann alles gutt geet, kann de ganze Projet an zwee Joer ofgeschloss ginn.

### Wéi gëtt de Projet finanzéiert ?

Jidfer Wunneng kascht eppes méi ewéi 4000 Euro. Well El Salvador zu den Zillänner vun der lëtzebuergescher Cooperatioun gehéiert, iwwerhëlt eise Staat ¾ vun de Käschten. Da bleiwen nach ronn 1000 Euro pro Haus, fir déi d'Fondatioun Lëtzebuerg-El Salvador muss opkommen. Do si mir dankbar fir all klengen oder méi groussen Don, dee Privatleit mam Vermierk « Projet El Jobal » iwwerweisen. Zum Beispill bezuelt ee mat 10 € 1 Quadratmeter Mauer, mat 20 € eng Fënster, mat 50 € eng Dir, a mat 150 € d'elektresch Installatioun vun enger Wunneng.

### Stëfter vun enger Wunneng fir 1000 €

Fir Veräiner, Schoulen, Paren an aner Communautéite wär et eng intressant Erausfuerderung, mat enger Aktivitéit (Concert, Theater, Bazar, Floumaart, Stee, Liichtegoen, Klibberen …) 1000 € zesummen ze kréien an domatt eng ganz Wunneng ze sponseren. An deem Fall kënnt un dat Haischen eng kleng Plack mam Numm vum Stëfter. Och wäerte mir deenen Donateure spéider eng Foto vum Haus schécken. D'Comitésleit vun der Fondatioun Lëtzebuerg – El Salvador si gär bereet, bei 1000-Euro-Aktiounen ze hëllefen. Intressente fannen eis Adressen a Konten an dësem Bulletin.

* « Concreto » ass dat mëttelamerikaneschspuenescht Wuert fir « Bëtong ».

---

**Hurrikan « Ida » verwüstet El Salvador**

Am 8. November, am Sonntagmorgen gegen 2 Uhr in der Nacht hat ein verheerender Hurrikan "Ida" in El Salvador 125 Tote und zahlreiche Vermisste gefordert.



Besonders im Osten des Landes rund um den Vulkan Chichontepec und die Stadt San Vicente sind tausende Menschen durch Geröll- und Schlammlawinen obdachlos. Einige Ortschaften sind völlig verschwunden.

>> **Helfen Sie uns helfen** <<

---

# Über Wert und Unwert menschlichen Lebens

Bericht des luxemburgischen Priesters Henri Gloden aus El Salvador

## Wochenende „45“

„E schéine Weekend“, ein lieber, oft ausgesprochener Wunsch in Luxemburg.

Vor kurzem wurden in El Salvador an einem einzigen Wochenende 45 Menschen ermordet.

Zwei Wochen später waren es deren „nur“ 25.

Im Departement von Sonsonate gab es am letzten Weekend sieben Morde. Dieses Departement zählt mit 450 000 Einwohnern ungefähr genau so viele wie Luxemburg. Stellen Sie sich das vor?

Bis vor zwei Jahren wurden zehn Menschen Tag für Tag in El Salvador ins Jenseits befördert.

Jetzt sind es zwölf. Täglich.

Im Nachbarland Guatemala kommt man auf die stattliche Zahl von sechstausend pro Jahr.

Dort gibt es elf Millionen Einwohner (das Land ist fünfmal größer als El Salvador), sechs Millionen Einwohner hat El Salvador.

## „La vida loca“

Christian Poveda, ein franco-spanischer Fotojournalist, hatte mehr als zwei Jahre unter den Mitgliedern einer Jugendbande in der Umgebung von San Salvador gelebt und gearbeitet. Mit viel Wissen, Takt und Liebe war ihm dies gelungen.

So konnte er einen zwei Stunden langen Dokumentarfilm zusammenstellen über das Leben und Kämpfen der Pandilleros oder Mareros. Er nannte den Film „La vida loca“, zu deutsch „Das verrückte Leben“.

Verrücktes Leben von an die dreißigtausend Jugendlichen in El Salvador, von hundertausenden Jugendlichen, Jungen und Mädchen, in vielen Ländern der Welt.

Jugendliche, die aus einer zerstörten Familie stammen, oder gar keine Familie kannten. Fast alle aus ärmsten Bevölkerungsschichten. Mit geringer Ausbildung, ohne Religion. Ohne Vater-, Mutter- oder Geschwisterliebe aufgewachsen. Kultur fast null. Kein Lebenssinn. Alles Unsinn. Die Bande ist ihr Leben.

In manchen Fällen besteht die Mutprobe zwecks Aufnahme in die Bande darin, einen Mord zu begehen, in einigen Fällen sogar im Töten eines Familienangehörigen.

Ein äußeres Zeichen ist die Tätowierung eines großen Teils des Körpers. Es ist verboten, aus der Bande auszutreten. Dies zu riskieren, kann lebensgefährlich werden.

Die zwei einflussreichsten Banden sind die Mara Salvatrucha (MS) und die „18“, die „Dieciocho“.

Sie sind untereinander verfeindet, haben ihre Territorien und führen einen regelrechten Bandenkrieg.

In El Salvador gibt es etwa 30 000 Bandenmitglieder. Auf luxemburgische Verhältnisse umgerechnet wären das ungefähr 2 400 gewaltbereite Jugendbandenmitglieder im Großherzogtum. Können Sie sich das vorstellen???

Bandenmitglieder haben in den letzten Monaten die Vielfalt der Erpressungen erhöht. Selbst kleinste Geschäftsleute werden erpresst. Wenn sie nicht bezahlen, besteht die Gefahr, dass ein Familienmitglied getötet wird.

Bandenchefs dirigieren viele Erpressungen per Handy aus den Gefängnissen heraus.

Die Polizei versucht ihr Bestes, die Resultate sind ernüchternd. Erziehungsarbeit ist sehr delikat und wird nur minimal angeboten, teils aus Angst.



Bewaffnete Wächter vor einzelnen Geschäften

Umso lobenswerter war der Einsatz von Christian Poveda.

Unsere Arbeit mit Straßen- und Risikokindern ist, wenn auch nur ein kleiner Beitrag zum Thema.

„La vida loca“, das verrückte Leben. Der Film ist grausam, sehr grausam.

Weshalb? Ganz einfach, weil das Leben in und rundum die Jugenbanden grausam ist.

Auch kirchlicherseits müssen wir unsere Schuld anerkennen, unsere teilweise Ohnmacht eingestehen, auch wenn die allgemeine christliche Erziehung ein wesentlicher, wenn auch indirekter Beitrag zur Familien-und Jugendproblematik bedeutet.

## Jesus wurde in eine Latrine geworfen

Safira ist eine ledige salvadorianische Mutter. Sie ist 26 Jahre alt und hat von verschiedenen Männern 4 Kinder.

Ihre Eltern und ihre Familie sind sehr arm.

Bei der Geburt ihres fünften Kindes war Safira verzweifelt. Die scheinbar einzige Lösung: „Ich werfe den neugeborenen Jesus in die Latrine“ (ein behelfsmäßig erbauter Abort).

Der Nachbar und seine Frau hörten plötzlich die Schreie und das Weinen von Jesus. Don José, der Nachbar, rettete das Baby aus der Latrine. Die Polizei wurde eingeschaltet. Ich weiß nicht, ob die fünf Kinder in ein Kinderheim kamen oder von Familienangehörigen aufgenommen wurden. Die Mutter erwartet eine jahrelange Gefängnisstrafe.

## Nachrichten aus Europa und anderswo, gelesen in El Salvador

Ich bin ein Anfänger in Sachen Computer. E-mails verschicken und empfangen, einige wenige Sachen mehr, das klappt schon fast.

So kann ich auch täglich die Nachrichten von Zenit, der Presseagentur des Vatikans, lesen. Vor kurzem las ich dort folgende Mitteilung: in der Europäischen Union wird jede 25 Sekunden ein nicht geborenes Kind abgetrieben!

Ich fügte die USA dazu und dachte: In der EU und in den USA zusammen wird etwa jede 12 Sekunden ein Kind abgetrieben. Wenn man das weltweit extrapoliert…..

Bilder des Grauens, schlimmer als…..

Welche Reaktionen ruft das in uns hervor?

Gott verzeiht, deshalb ist Christus Mensch geworden, am Kreuz gestorben und von den Toten auferstanden.

Was tun wir, um diese Situation zu ändern???

Welche Impulse suchen wir, um ein anderes Bewusstsein herbei zu führen?

Oder bleiben wir passiv und verschließen die Augen?

Werden wir Feuer und Flamme für das Evangelium, im Kampfe für das Leben von unzähligen ungeborenen Kindern!

## Weihnachten drinnen, Weihnachten draußen

Sie erhalten dieses Bulletin in der Vorweihnachtszeit, im Advent.

Weihnachten, Gott bei uns, Gott in uns? Gott draußen?

Gehen Sie auf kritische Distanz zu dem neuheidnischen, sogenannten Weihnachtsrummel.

Lassen Sie sich nicht vom Konsum- und Reklamestrom mitreißen.

Wahre Weihnachten, wie groß ist das, wie freudig!

Ich wünsche Ihnen und Ihren Familien ein menschenwürdiges, frohes Weihnachtsfest.



Ihr Henri Gloden

# Kontakt

### In Luxemburg:

Fondation Luxembourg - El Salvador
30, rue J.-P. Beckius, L-6671 Mertert
Tel. 74 80 93, Internet: www.cercle.lu
E-Mail: lux-elsa@internet.lu
CCPL - LU73 1111 2119 9449 0000
BILL - LU47 0024 1691 8554 5100

Bei der Fondation handelt es sich um eine staatlich anerkannte Stiftung. Spenden sind gemäß den gesetzlichen Bestimmungen steuerlich absetzbar.

### In El Salvador:

Padre Enrique Gloden — Serninario San José de la Montaña - Apartado 78,
San Salvador / El Salvador / Centroamérica
Tel./Fax 00 503 22 23 36 61
Tel. 00 503 78 77 09 78
E-Mail: glodensch@yahoo.com
CCPL LU59 1111 0369 1656 0000
(Postscheckkonto von Henri Gloden, Mertert)

# Impressum

## El Salvador - Luxembourg

Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador; paraît au moins quatre fois par an.

*La Fondation a pour objet de promouvoir et de soutenir, par des aides matérielles ou autres, tonte activité sociale et éducative dans l'intérêt de la population en détresse dans le pays d'El Salvador (Amérique Centrale) et plus particulièrement dans l'intérêt des enfants et adolescents dans le Foyer d'enfants «Amor y Esperanza» initié par lAbbé Henri Gloden à Santa Ana (El Salvador).*

Imprimé par saint-paul luxembourg sur papier recyclé